N°2420
Entrée le 26.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Luc Frieden, vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Fro n°2420 vum 5. Juni 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Utilisation de Pegasus par l'État luxembourgeois"**

**Wéi vill gëtt de Lëtzebuerger Staat all Joers fir d'Lizenzgebühren vu PEGASUS aus?**

Betreffend de Service de renseignement de l'État (SRE) befanne sech d'Moyenen, déi däerfen agesat ginn an d'Prozeduren, déi mussen agehale ginn, ënnert der Kontroll vun der parlamentarescher Geheimdéngscht-Kontrollkommissioun an ënnerleien den Artikele 5-8 vum Gesetz vum 5. Juli 2016 iwwer d'Reorganisatioun vum SRE.

Dës Moyene ginn agesat am Kader vun de Missioune vum SRE, also am Fall vun enger potentieller Bedroung duerch Spionage, gewaltbereeten Extremismus, Terrorismus, Verbreedung vu Massevernichtungswaffen oder vu verdeedegungsrelevante Gidder an den domat verbonnenen Technologien, grad sou wéi duerch organiséiert Kriminalitéit oder Cyber-Bedroung souwäit dës mat deene virgenannten Aktivitéiten zesummenhänken.

D'Moyenen, déi d'Police däerf bei de judiciairen Enquêten an Instruktiounen asetzen, an d'Prozeduren, déi dobäi mussen agehale ginn, sinn am Artikel 88-1 vum Code de procédure pénale beschriwwen, esou wéi et an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 618 vum 16. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierte Franz Fayot detailléiert gouf.

Aus sécherheetsrelevanten an ermëttlungstechnesche Grënn kënne awer keng Informatioune betreffend d'technesch Equipementer a Moyenen, an déi doru gebonne Käschte, publizéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 26.Juni 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc Frieden